



Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Da géife mer zum nächste Projet iwwergoen, dem Projet de loi 7286, dem Finanzéierungs-gesetz fir de Bau vum Südspidol. An d'Wuert huet d'Rapportrice, d'Madamm Taina Bofferding.

## 5. 7286 - Projet de loi autorisant l'État à participer au financement des travaux de construction du «Südspidol»

**Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports**

► **Mme Taina Bofferding** (LSAP), *rapportrice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass mer eng grouss Freed, lech haut de Rapport vum Projet de loi 7286 iwwert d'Südspidol ze maachen. An et ass mer eng ganz besonnesch Freed, dat als Escherin däerfen ze maachen.

Streng geholl ass et e klengt Gesetz. Et ass eng Formsaach, well d'Gesetz iwwert d'Établissements hospitaliers et à la planification hospitalière schreift nämlech vir, dass all nei Realisatioun, wou d'Käschten iwwer 40 Milliounen fir de Fonds hospitalier ausginn, ebe muss iwwer e Finanzéierungsgesetz autoriséiert ginn.

D'Gesetz, wat mer elo stëmmen, huet dofir och nëmmen dräi Artikelen. Et ass awer, an ech mengen, do si mer eis alleguerten eens, trotzdeem e Projet vun enger ganz grousser Enver-gure. Et ass e Mammutprojet:

D'Südspidol wäert nei Standarden an der Klinicklandschaft setzen, dat iwwer eis Grenzen eraus, eng modern Spidolinfrastruktur an engem ganze wäite Radius. Dat neit Spidol ass en innovative Projet um Niveau vun der Organisatioun, Konzeptioun an Zukunftsvisioun, baséierend op enger Visioun vun enger laangfristeger Prise en charge a vun der Santé publique.

Firwat iwwerhaapt en Neibau? Am Virfeld vun der Planung huet eng Zeenarioanalys d'Renovatioun vun deenen dräi bestoende Klinicken, also Esch, Diddeleng an Nidderkuer, am Verglach zu engem Neibau op enger eenzeger Plaz ënnersicht. Dës Analys huet erginn, dass en Neibau op engem Standuert, bedéngt engersäits duerch déi héich Betrëbskäschte vun deenen dräi Spideeler an anersäits de ganz héije Besoin an zukünftigen Investitiounen an dës, ebe laangfristeg déi manner käschtenopwendeg Variant duerstellt. Mat anere Wieder: Et gëtt am Endeffekt méi bëlleg, en neit Spidol opzerrichten, wéi an déi bestoend ze investéieren respektiv dës ze renovéieren.

Zousätzlech ze consideréieren ass awer och déi duerchschnëttlech Wuesstumsquot vun der Lëtzeburger Bevëlkerung vun 2% d'Joer souwéi déi klammend Notzung vun de medezinnesche Servicer duerch d'Frontalieren.

2011 ass d'Decisioun fir den Neibau gefall, dës virun allem duerch déi Bündelung vun den Aktivitéiten, déi 15% vun de Fonctionnements-käschte pro Joer aspuere wäert. Ganz wichteg an deem Kontext ass och d'Ausso vum Generaldirekter vum CHEM, dem Dokter Hansjörg Reimer, dass et keng Entloossunge wäert ginn. Dës géif duerch natierlech Ofgang an eventuell duerch berufflech Neiorientéierung vu Beschäftegten am Südspidol selwer geregelt ginn.

Dee ganzen Historique, wéi de Projet zustane komm ass, mat all deenen eenzelnen Etappen, déi hannendrunnerhänken, dat ass alles am Exposé des motifs vum Projet de loi nozeliese souwéi och a mengem schrëftleche Rapport.

Dir Dammen an Dir Hären, wat zeechent dese Projet aus? Dozou ziele sécherlech d'Architektur, d'Konzentratioun op engem eenzege Standuert, d'Gebai, d'Raimlechkeeten an dat alles. Ech mengen, dat ass och ganz wichteg an am Sënn vum Patient fir eng besser Behandlung an eng modern medezinnesch Versuer-gung.

Zur Architektur ass ze soen, dass et eng opfalend nei a modern Architektur ass, fir déi et d'lescht Joer am Juli souguer en International Design and Health Award zu Wien gouf. Iwwer-gens gouf de Gewinner vum europäeschen Architektheconcours eestëmmeg vum Verwaltungsrot zréckbehalen, fir, Zitat: „e Spidol vu muer, e Spidol mat enger Séil ze bauen“.

All d'Departementer vum CHEM, déi zurzäit op deenen dräi Sitte verdeelt sinn, ginn also op enger eenzeger Plaz vereent. D'Südspidol wäert aus véier Entitéite bestoen. An eppes, wat méi speziell ass, ass d'Form, déi dräieckeg Gebaistruktur. Déi besteet am Ënneren, also

bannen, nees aus dräi Dräiecker, déi wéi ëm e Krees erëm versat sinn. A genau dat mécht aus deem Projet e Spidol vun de kuerze Weeër.

An deem enge Gebai ass dat eigentlecht Spidol, dat sougenannt „Kärspidol“, ënnerbruecht. An dat mëttelt kommen d'Administratioun an d'Weiderbildung. Hei wäert och de Centre François Baclesse, den nationale Radiotherapiezentrum, anzéien. An dat drëtt Gebai ass fir d'Geriatrie, d'Psychiatrie an och d'Rehabilitatioun reservéiert.

Doniewent wäerten nach en Dokteschhaus an e Parking niewendrun entstoen. Sollt sech spéider emol eng Kéier erausstellen, dass d'Südspidol ze kleng ginn ass, kéint duerch déi separat Gebaiplanung nach en neit Gebai erriicht ginn.

Eng Besonneschheet wëll ech awer och nach gären hei opzielen, ier ech op d'Raimlechkeeten ze schwätze kommen: Am Südspidol ass nämlech e securiséierte Service de soins fir d'Untersuchungshäftlinge vum zukünftigen Verschterhaff vu Suessem virgesinn.

Dann zu de Raimlechkeeten: Déi konzipéiert Raimlechkeete sinn net nëmmen energietechnesch op deem leschte Stand vun der Technik, mä och flexibel, mat optimaler Fonctionnalitéit, a virun allem sollt si e patienten- a mataar-bechterfrëndlecht Ëmfeld offréieren.

An déi kleng Eenzelzëmmer mat Sanitäranlage soll vill natierlech Luucht erakommen, wat en „healing environment“, also en heelend Ëmfeld, schafe soll. Wéi schonns virduer drop higewisen, wäert déi Bündelung, dee Regroupement dozou féieren, dass méi rational geschafft wäert ginn. Dat ass ouni Zweifel och am Sënn vum Patient. D'Konzentratioun vun alle Fonctiounen op engem Standuert erméiglecht eng optimal Versuergung vun de Patienten, eng optimal Fonctionnalitéit, e patientefrëndlecht Ëmfeld an aarbechterfrëndlechen Entourage.

Erwäne wëll ech awer och nach, dass viru Joren de Standuert, fir d'Südspidol eben zu Esch ze errichten, eestëmmeg am Verwaltungsrot vum CHEM decidéiert gouf. Entscheedend fir dese Choix vum Standuert schwätzt sécherlech dee kuerze Wee zur Uni an déi gutt Verkéiersubannung, sief dat un den ëffentlechen Transport, un d'Autobunn A4 oder un d'Liaison Michéville.

Här President, e groussen Novum sinn d'Eebettzëmmer mat individueller Sanitär-anlage. Am Südspidol wäert et wesentlech méi Eebettzëmmeren am Akutberäich gi wéi elo am CHEM. De viregte Generaldirekter an aktuelle Conseiller vum CHEM, den Dokter Michel Nathan, huet hei vun enger Win-win-Situatioun geschwat. Effektiv, et mécht Sënn, d'Zweebettstruktur opzeléien. D'Chimiotherapiepatienten oder Patienten, déi schwéier krank sinn, kënnen net mat frësch Operéierten an engem Zëmmer leien. Beispiller fir d'Netkompatibilitéit ginn et genuch. D'Resultat ass awer ëmmer datselwecht: dass ëmmer nees Better fräi bleiwen.

Net d'Zuel u Better ass entscheedend, mä d'Okkupatioun dovunner. D'Tatsaach, dass ee méi Eebettzëmmeren huet, bréngt virun allem dem Patient méi Confort an erlichtert zum Beispill och esou d'Planung, fir d'Zëmmeren ze botzen a fir se och nees direkt duerno kënnen ze beleeden.

E grouse Virdeel ass awer och, dass déi individuell Kummeren et erlaben, dass Familljemembere vu Patienten do schlofe kënnen. Dat wäert och an Zukunft méiglech sinn. An de Patient, an dat wäert e sécherlech och freeën, wäert fir en Eebettzëmmer net méi musse bezuelen.

583 Better stinn zur Verfügung. 80% dovunner wäerte sech an Eebettzëmmer befannen. Aktuell läit den Taux bei 20%. Et si manner Better, wéi der am Moment op deenen dräi Sitte verdeelt sinn, ee Punkt, deen och de Statsrot a sengem Avis opgeworf huet a wou mer och an der zoustänneger Kommissioun driwwer diskutéiert hate mat der Fro, ob d'Unzuel vun de Better duergeet fir déi stänneg steigend Demande an och opgrond vun dem Wuesstum vun der Bevëlkerung an och vun der Alterung vun de Leit.

Fir déi genau Oplëschtung vun de Better verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. Wichteg ass, an dorobber huet och déi sozialistesche Gesondheetsministesch higewisen, dass d'Patienten am Mëttelpunkt stinn, wann haapt-sächlech op Eebettzëmmer géif opgebaut ginn. Wéi gesot, dës Planifikatioun schafft méi Flexibilitéit an et kann ee besser op d'Besoine vun de Leit agoen.

Ee Punkt, dee sécherlech vill Leit wäert interesséieren, ass d'Planifikatioun vun der Urgence. Am Sënn vun de Besoine vun de Patienten an enger optimaler Aarbechtsoepdeeling gëtt d'Maison médicale an d'Spidolsgebai integréiert. D'Ambulanz mat Noutfäll sinn an Zu-

kunft vollkomme vun den anere Patientie getrennt a krank Kanner ginn an der Urgence vun den Erwuessene getrennt en charge geholl.

D'Urgencé gi méi séier un déi jeeweileg Spezialisten orientéiert, well d'Medezinner méi no beienee sinn a besser zesummeschaffe kënnen. Et wäert eng besser a virun allem eng méi séier Prise en charge garantéiert ginn. Ech mengen, dat ass och e Punkt, deen ëmmer erëm zu Diskussiounen gefouert huet, net zulescht och mat där Analys, déi vun dem Urgencéwiese gemaach ginn ass.

Dës neit Spidol am avantgardisteschen Esprit bréngt net nëmme Positives fir d'Patienten an d'Personal, et gëtt och op e geréngen Energiebedarf opgepasst, op geréng CO<sub>2</sub>-Emissiounen, nohalteg Materialien an net ze vergiessen den Accès zum ëffentlechen Transport. Dofir schwätze mer beim Südspidol och vun engem „green hospital“.

Dann elo zum wesentleche Punkt vum Projet de loi, dem Budget: 542 Milliounen, dat sinn d'Gesamtkäschten. 80%, dat sinn ongeféier 433,5 Milliounen, gi vum Stat bezuelt an de Rescht, 20%, vun der CNS. Net abegraff sinn de Parking an d'Gebai fir d'Dokteren. Déi Käschte wäert de CHEM selwer iwwerhuelen. An där staatlecher Subventioun ass iwwer-gens och eng Reserv vun 10% virgesi fir Imprevuen an eng Reserv vun 10 Milliounen fir Équipements médicaux immobiliers.

Dann déi nächst spannend Fro: Wéini rullen d'Baggeren? Et ass geplangt, dass d'Bau-aarbechten am Fréijoer oder spéitstens am Hierscht 2019 ufänken, fir dass dann d'Südspidol seng Dieren hoffentlech 2023 kann opmaachen. Esou ass et zumindest emol geplangt.

Wat geschitt mat deenen anere Sitten? Eng Fro, déi de Statsrot och a sengem Avis opgeworf huet. Ben effektiv, hei wäert ganz vill Espace fräi ginn. Wann ech schonn eleng meng Gemeng kucken, Esch, do bitt sech eng eemoleg Geleeënheet matzen am Zentrum. An de Statsrot schreift hei zu Recht, dass d'Strukturen op deenen dräi Sitten net ongenotzt respektiv net verkomme gelooss solle ginn.

Wat de Site vun Diddeleng betrëfft, goufe scho Gespréicher mat der Associatioun Alzheimer opgeho, well déi interesséiert sinn, d'Struktur ze reafektéieren. De Verwaltungsrot vum CHEM huet zougeséichert, de Kontakt mat de jeeweilege Schafferéit opzehuelen, soubal dës Gesetz dann haut gestëmmt ass.

Här President, wat déi legislativ Prozedur vum Projet de loi betrëfft, verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. Niewent dem Statsrot gouf de Projet de loi nach vum Collège médical aviséiert, an den Avant-projet détaillé, dat heescht de Bauprojet selwer, gouf vun der Commission permanente pour le secteur hospitalier och nach eng Kéier aviséiert.

Ech fir mäin Deel wëll alleguerten de Mataar-bechter hei aus dem Haus, aus der Fraktioun an och vum Ministère Merci soen, déi mer bei mengem Rapport gehollef hunn.

Ofschléissend wëll ech just nach drop hiweisen, dass hei wierklech massiv an d'Gesondheetsversuergung am Süden, also an d'Bierger vum Süden investéiert gëtt. A wéi heescht et ëmmer esou schéin: Et ass e Spidol vun de Leit fir d'Leit. An dat Wichtegst ass, dass och d'Patientie sech, souwäit et ebe méiglech ass, do kënnen wuelspielen!

Ech hunn ufanks gesot, dass ech mech haut iwwert de Vott vum Südspidol freeën. A nach méi freet et mech, dass mer dat haut och nach wäerten unanime maachen, esou huet et sech emol zumindest an der Kommissioun erauskristalliséiert. An ech soen lech elo scho Merci fir de Support a ginn domadder dann och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dann huet den Här Jean-Marie Halsdorf d'Wuert.

### Discussion générale

► **M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV).- Merci, Här President. Duerch dës Finanzéierungsgesetz stëmme mer eng Enveloppe vu méi wéi enger hallwer Milliard Euro, fir d'Südspidol ze bauen. De schrëftlechen a mëndleche Rapport vun der Rapportrice - hir wëll ech Merci soen - waren extensiv an ech wëll och net an d'Detailer vun dem Projet als solchem agoen.

Et wollt awer generell verschidde Feststellungen maachen. Déi éischt ass déi: D'Decisioun, fir dat Südspidol ze bauen, ass vun der leschter Regierung geholl ginn...

► **Une voix**.- Aah!

► **M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV).- ...an déi ass dunn eben dee Wee gaangen. An haut kréie mer dann enfin d'Moyenen, fir dës Spidol konkret ze bauen.

Domat ass och d'Iddi, déi emol am Raum stoung, fir eventuell hei zu Lëtzebuerg ee grousst Spidol ze bauen, dat vläicht en universitäre Charakter hätt, och vum Dësch.

Mir hunn also elo, a mir sinn eis däers vläicht nach net esou bewosst, wa mer dat Südspidol hunn, just nach eng Plaz an der Südregioun, wou Spidolsleeschunge gemaach ginn, an net méi, wéi mer et haut nach hunn a fréier nach vill méi haten, dräi Standbeen. Fréier hate mer am Diddelenger Raum, am Escher Raum an am Kordall Spidolsstrukturen.

D'Fusioun gëtt heimat definitiv. Effektiv, et ass déi lescht Etapp vun enger Fusioun. Dese Schrëtt ass also och konform mam Spidolsplang, dee mer hei gestëmmt hunn, dee jo seet, eist Land bräicht véier Centre-hospitalieren: een am Norden, zwee am Zentrum an een am Süden.

Esou e Prozess ass natierlech gewönungsbedürftig, op där enger Säit fir d'Patienten, well mir hunn Diskussiounen dobaussen, well mer elo bei der Ëmsetzung vum Spidolsplang effektiv nuets keng Garde méi hunn, sief dat zu Diddeleng oder zu Nidderkuer. Dat ass net evident. An an Zukunft wäert da wierklech nach just eng Plaz sinn, wou eng ass. An et ass och gewönungsbedürftig fir d'Personal, wat och net weess, ob et zu Esch, zu Diddeleng oder zu Nidderkuer schafft.

Mir hunn also definitiv ee Site. An ech weess, mir hunn et jo och elo héieren am Rapport vun der Rapportrice, dass fir déi zwee aner Sitten, Diddeleng an Nidderkuer, onbedéngt mussen elo direkt Gespréicher geféiert gi mat de Leit, mat den Träger. Ech mengen, do kéint roueg d'Regierung respektiv de Gesondheetsminister sech „aklinken“, wann ech dat därer esou soen, matschaffen, fir do zesumme proaktiv eng Affektatioun fir déi Gebailechkeeten ze sichen am Interêt och vun eiser Spidolslandschaft, wou mir jo un e Gesondheetsplang gleewen, an deen ee vläicht Elementer vun deenen heite Gebailechkeete ka matabauen.

Dës Spidol kritt eng nei Approche, d'Rapportrice huet dat gesot, als „avantgardistesche“ huet se dat souguer beschriwwen. An ee Fakt, deen ech als eng Aart Paradigmewiessel géif duerstellen, ass d'Tatsaach, dass an dësem Spidol d'Eebettzëmmer eng Regel gëtt, wou haut éischer d'Eebettzëmmer eng Ausnam ass, oder anescht ausgedréckt, d'Eebettzëmmer kritt een haut am Fong geholl nëmmen iwwert de Wee vun der éischer Klass. An der haiteger Gesellschaft, wann s de haut gären en Eebettzëmmer häss, hëls de eng éischt Klass, da kriss de dat normalerweis. Hei wäert dat net méi de Fall sinn an ech si gespaant, wat fir eng Antworten d'Zukunft eis do wäert ginn. Do wäerte sécherlech Ännerunge kommen. An dat ass also eng fundamental Ännerung, déi mer hei kréien duerch dës Spidol.

E Spidol, dat sinn awer och Maueren. A wat an déi Mauere kënn, dat muss een elo kucken. Wéi dat ka goen, dat hu mer dëser Deeg gesinn, Madamm Minister, wéi mer bei de 15 Joer Hôpital Kirchberg waren, déi, mengen ech, hiert Spidol effektiv mat anstännegem Liewe gefëllt hunn. An et muss een och hei kucken, wéi et hei weidergeet. Well dës Gesetz regléiert jo net am Detail, wat an deem Spidol geschitt, mä et setzt just e Kader.

A mengen Ae wäert dat Spidol sech an Zukunft och un deenen „3 Pen“, wéi se och dëser Deeg genannt gi sinn, orientéieren:

Mir wäerten eng „precision medicine“ kréien, eng Präzisiounsmedezinn iwwer eng Robotiséierung an de Spideeler, déi am Fong geholl déi grouss Erfahrung vun de Medezinner mat eben der Präzisioun vun der Apparatur wäert koppelen. An esou kënnen mer nach méi präzis a qualitativ besser schaffen.

Mir wäerten eng „personalized medicine“ kréien, wat Dir jo och e wichtige Wee fannt. Dir hutt net fir näischt ënnert der Lëtzeburger Presidentschaft hei zu Lëtzebuerg eng Konferenz ageruff, wou mer iwwer „personalized medicine“ geschwat hunn, wou also de Patient individuell betreit gëtt. Mir hu jo scho Beispiller vun esou enger Aart „personalized medicine“ bei der Parkinsonkrankheet hei zu Lëtzebuerg, wou mer méi wéi eng Dose Forme vun der Parkinsonkrankheet hunn. An en fonction vun der Form vun der Parkinsonkrankheet gëtt een anert Traitement gemaach. Dat ass also eng wichtig Saach.

A last but not least wäert dat Spidol sech och duerch déi sougenannt „predictive medicine“ charakteriséieren. Dat heescht am Fong geholl, d'Aktivitéit vun de Spideeler viraussoen. Dat gëtt et an den USA. Do gëtt gekuckt en fonction vum Wieder, vun der Meteo, vu Grippen-epidemien, vu Schnéifäll an esou weider, wéi





eng Krankheetsbiller kënnen opkommen. An esou ginn d'Aktivitéiten da virausgekuckt, fir eben Enkpass bei de Better a bei den OPen ze verhënnere. An domat wäerten dann och d'Waardezäiten an de Spideeler zrëckgoen, wann dat gutt wäert fonctionnéieren.

Ech hunn et gesot: D'Mauere bleiwen ëmmer déiselwecht, mä d'Aktivitéit an de Spideeler wäert sech an deenen nächste Jore vill änneren. An eppes därer awer net änneren an dat muss bleiwen: Dat ass d'Mënschlechkeet! Déi muss an därer net bei aller Technik op der Streck bleiwen, déi därer net verluer goen.

Mir hunn hei e Finanzéierungsgesetz, eng Enveloppe budgétaire. An Iwwerraschunge sinn ëmmer méiglech. Dat Eenzegt, wat ech mer wënschen, ass, dass mer net déi Situatioun kréien, vun där mer dës Deeg an der Press gelies hunn, wou den Architect, dee mer och hei fir dës Projet hunn, an Eisträich e Projet gemaach huet, wou vill Méikäschtchen komm sinn. Ech wënsche mer also, dass mer keng esou eng Situatioun kréien, dass also déi Enveloppe, déi mer haut stëmmen, duergeet, fir am Fong geholl dës Spidol ze bauen.

An zum Schluss wëll ech dann nach den Accord vun der CSV bréngen.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas** (*DP*). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, weineg Länner kënnen op esou en effikasse Gesondheetssystem kucke wéi mir hei zu Lëtzebuerg, woubäi natierlech och net alles perfekt ass, besonnesch wat d'Noutversuergung duerch Dokteren an dem ländleche Raum ubelaangt. A mäi Fraktiounskolleeg, den Dokter Edy Mertens, kéint dat vill méi kompetent hei erklären. Mä insgesamt solle mer eis awer glécklech schätzen, dass mer hei an esou engem System kënnen liewen.

Och eis Infrastrukture sinn duerch d'Bank gutt. Si sinn natierlech Verbesserungsfäeg, dass ass ganz kloer. Déi besteeënd Spideeler vum CHEM sinn natierlech de Moment net méi um leschte Stand, dass ass gewosst. D'Ennerhaltsaarbechte géifen dozou bäidroen, dass am Fong geholl d'Käschtchen géifen ab dem Joer 2020 drasteg an d'Luucht goen, soudatt et u sech also scho gerechtfertegt ass, dass hei elo en Neibau geplangt gëtt.

Dat ass natierlech ëmmer eng wichteg Decisioun, dass ass eng laangfristeg Decisioun, wann een en neit Spidol wëllt bauen. Dat muss gutt geplangt ginn. Et muss dee beschtméiglechen Equipement virgesi sinn. A mir begrëssen awer, dass déi Planung esou an där Form hei iwwert d'Bün gaangen ass. Dass elo also en neit Spidol an de Süde kënnt, freet eis natierlech besonnesch, onofhängeg dovun, dass jo och d'Zuel vun der Populatioun virun allem an där Regioun nach ëmmer um Wuessen ass. De Moment schwätze mer jo vun 142.000 Patiente pro Joer am Süden.

D'Liewensdauer vun engem Spidol huet plus ou moins 30 Joer. Och wann, wéi gesot, scho gewëssen Deeler vum CHEM frëschgemaach goufen, ënner anerem de Centre Baclesse, esou ass et awer ouni Zweifel un der Zäit, fir elo e fonkelneit Spidol ze bauen. Dat Gebai ass ouni Zweifel noutwendeg. A mir kënnen et och net erwaarden, dass d'Baggeren esou schnell wéi méiglech kënnen dohinner op d'Plaz kommen.

Ech wëll och drun erënneren, dass d'Demokratesch Partei sech bei den Diskussiounen iwwert dat neit Spidolsgesetz kloer derfir agesat huet, dass et net zu enger Reduzéierung vu Better dierft kommen. De moduläre System, dee jo elo am neie Spidol virgesinn ass, wäert deem och da Rechnung droen. Ech mengen, mir krute jo och verséichert, dass d'Méiglechkeet besteet, d'Zuel vun de Better gegebenenfalls eropzesetzen. D'DP ralliiert sech u sech och der Meenung, déi an der Kommissioun zrëckbehale ginn ass, dass eng gewësse Flexibilitéit bei der Opdeelung vun de Better bestoe muss.

An à propos Better, et ass hei scho vu menge Virriedner ënnerstrach ginn an och mir fannen dat immens flott, dass elo 81% vun de Better an Eebettzëmmer sinn. Ech wëll drun erënneren, dass d'Demokratesch Partei dat scho viru 15 Joer gefuerdert huet an duerfir och elo frou ass, dass dat hei esou realiséiert gëtt. Et wäert ouni Zweifel zu enger méi héijer Qualitéit vun der Fleeg bäidroen, virun allem natierlech och fir de Patient.

Ech wëll drop hiweisen, dass et awer och vläicht wichteg wär, an ech beruffe mech hei op eng Recommandatioun vun der franséischer Inspection générale des affaires sociales, dass och vläicht en adequate Raum géif virgesi ginn an den Urgencen, wou dann d'Famill zum Beispill kann am Fall vun engem Stierfall an där richteger Atmosphär Abschied huelen.

Wat och ganz positiv ass, ass, dass eben elo hei oppe Raim geschafe ginn, wou eben och Familljemembere sech dee Moment kënnen an enger, loosse mer soen, méi agreabler Situatioun zrëckzéien, wat och da fir méi Intimitéit wäert suergen.

Datt elo och virgesinn ass, dass d'Membere vun de Familljen am Spidol selwer an dem Zëmmer kënnen iwwernuechten, dass ass ouni Zweifel e Plus fir d'Qualitéit vun der Fleeg, virun allem awer och fir de Patient. Ech wëll drun erënneren, dass et dat iwwregens schonn an anere Spideeler am Ausland gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gouf jo eng gewëssen Opreegung bei der Nominatioun respektiv bei der Bezeichnung vum Architect; ech wëll net méi dorop zrëckkommen, d'Madamm Minister hat dat jo och am Detail alles erkläert.

De Site u sech ass aus eiser Siicht gekuckt gutt gewielt, quitta dass en a Proximitéit vun der Autobunn ass. Dowéinst muss natierlech deem Aspekt vun dem Kaméidi och Rechnung gedroe ginn. Mir kruten awer do déi néideg Erklärungen och an der Kommissioun.

Positiv ass och d'Schafe vun engem Parking an der Proximitéit vum Rond-point Raemerech. Datt och eng Extensioun nach méiglech ass, och dass ass natierlech ganz wichteg. Wann een esou eng Planung vun esou engem grouse Spidol virhëlt, da muss een natierlech och wëssen, ob een nach eng zousätzlech Ausweitung virhuele kann, well mer, wéi gesot, nach ëmmer an engem Raum sinn, deen an enger grousser Expansioun ass.

Wat d'Architektur ubelaangt, kënnen mir déi Konzeptioun do nëmme begrëssen. Et sinn och eng Rei Elementer, déi am Fong geholl versichen, d'Atmosphär am Spidol ze verbessere. An hei muss een natierlech an éischter Linn ëmmer un de Patient denken, natierlech och un déi Leit, déi do schaffen. Ech wëll op een Aspekt do hiweisen, d'Beispill vun den „healing colours“. Och dat dréit natierlech dozou bäi, well wann een an engem Spidol läit, dass scho keng agreabel Zäit. A wann een dann och nach en trist Émfeld huet, dann dréit dat ouni Zweifel net zur Verbesserung bäi.

Gewësse Synergie si jo virgesinn, ënner anerem mat der Universiteit hei vu Lëtzebuerg. Och dass ass gutt fir d'Image de marque vun deem Spidol.

Natierlech muss ee sech och Froe stellen iwwert d'Zukunft vun deenen anere Standuerten. Diddeleng ass hei schonn ugeschwat ginn. Do soll jo en Therapiezentrum fir Alzheimer-kranker hkommen, u sech eng gutt Saach. Mä mir wollten natierlech och gäre wëssen: Wat geschitt definitiv mat Nidderkuer? Nidderkuer, wat u sech eigentlech e flotte Site ass. Natierlech mussen do och gewëssen Adaptatiounen virgeholl ginn. Bleift et do bei enger Poliklinik, jiddefalls iwwer e gewëssenen Zäitraum eraus nach vläicht? Ech mengen, d'Madamm Minister kann eis do déi eng oder déi aner Äntwert nach ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, opgrond vun neie Spidolsgesetz sinn et jo 80% vun de Käschtchen, déi da vum Stat iwwerholl ginn. Vläch eng lescht Remark dann och: Mir fannen et gutt, dass eng Klausel dran ass, dass eng 10%eg Reserv nach virgesinn ass, mä dass déi nëmme kann u sech deblockéiert ginn, wann do natierlech eng Rei Kritären erfëllt sinn. Dat ass och gutt esou, dass ass och richtig esou.

Ofschléissend: Mir als Demokratesch Partei kënnen dës Projet nëmme begrëssen. Et ass e wichtige Maillon, kann ee soen, an der Gesondheetsversuergung, an der Gesondheitsstruktur hei zu Lëtzebuerg. An dowéinst ginn ech selbstverständlech d'Zoustëmmung a soen awer der Madamm Rapportrice, der Madamm Taina Bofferding, och nach villmools Merci fir hire ganz engagéierte Rapport.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. Déi nächst Riednerin ass d'Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*). - Léif Kollegen an Kollegen, dem CHEM geet et wéi alle Spideeler, déi an den Alter kommen. Trotz verschiddene Schéinheitsoperatiounen um Gebai an zousätzleche Wunnhaiser, déi benotzt gi sinn, ginn d'Raimlechkeeten den Uspréch vun enger zäitgeméisser Spidolinfrastruktur net méi gerecht a si sinn och nach ëmmer Zäitzeie vun de 60er a 70er Joren, wou uniform Bettentierm a kal Statiounen als Beweis fir eng effikass Organisatioun ugesi goufen.

Mir sinn eis eens, d'Plangen an d'Baue vun engem neie Spidol dauert vill méi laang an ass vill méi opwendeg wéi Deelerovatiounen vu bestoende Gebaier oder wéi d'Notzung vu Wunnhaiser fir Spidolzwecker an der Géigend.

Mir sinn eis awer och eens, dass de Bau vun enger neier Infrastruktur fir de CHEM bluttnoutwendeg ass, scho laang, an dass vill Fangerspëtzegefill, Courage an Ausdauer gefrot sinn, fir en neie Spidolprojet op d'Schinn ze setzen. D'Architekten, déi dës Chance kréien, verdénge sech zwar eng gëllen Nues, si stinn awer och viru groussen Érausforderungen.

Si mussen frëndlech an accueillant Raumstrukture mat Séil schafen, déi zum Deel flexibel notzbar sinn, zugläich eng gutt Energieeffizienz opweisen an ausbaubar sinn. Si mussen de Patient scho bei der Konzeptioun vum Gebai an de Mëttelpunkt stellen, an domat och seng Famill, ugefaange bei der Akutversuergung vun engem Patient, deen an der Urgence dohikënn, bis hin zu längeren Openthalter.

D'Architekten mussen och derfir suergen, dass d'Medezinner, d'Fleegepersonal an all aner Salariaéien, déi am Gebai schaffen, sech op hiren Aarbechtsplaz wuelfillen. Se mussen sécherstellen, dass d'Gebai der medezinnescher an technescher Entwécklung ka standhalen, mat alle raimlechen an techneschen Upassungen, déi dat am Laf vun der Zäit wäert mat sech bréngen.

A schlussendlech mussen se och d'Bausseflächen esou gestalten, dass se vun de Patiente genotzt kënnen ginn an hinnen d'Sécherheet vermëttelen, dass e Spidolopenthalt näischt mat engem Prisongsopenthalt gemeinsam huet.

An anere Wieder: Wann een en neit Spidol plant, geet et net just ëm d'Fro vun der gudder Erreechbarkeet oder vu genuch Parkplazen, an et geet och net just drëms, genuch Plaz ze schafe fir Better, Servicer a Geräter. Villméi geet et bei der Planung drëms, al Denkschemen iwwer Bord ze geheien a sech bewosst ze ginn, dass d'Heelungschancë vun de Patienten an hiert Wuelbefanne sech schonn eleng duerch d'Architektur dältlech kënnen verbessere.

D'Zäiten, wou schonn eleng den Antrëtt an en düüster Spidol engem den Otem verschléit an d'Gefill vermëttelt, dass ee sech besser direkt opgëtt, wéi am Spidol ze leien, mussen also definitiv eriwuer sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, e Sprachwuert seet: „Et soll een den Dag net virum Owend luewen.“ D'Südspidol steet nach net an et vergeet och nach eng gutt Zäit, bis den éischte Grundstee geluecht gëtt. An awer steet déi gréng Fraktioun deem schonn haut positiv vis-à-vis, well all deene Voleten, déi ech elo opgeziet hunn, Rechnung gedroe gëtt.

Am Fong stellt de Projet Südspidol eng Zort Befreiungsschlag an der Architektur duer, deen et erlaabt, vun der aler Spidolideologie lasszekommen an nei Weeër am Spidolswiesen anzeschloen.

Well et aus Zäitgrënn onméiglech ass, op sämtlech Pluspunkte vun dësem Projet anzugehen, strächen och der just zwee ervir. Deen een ass scho genannt ginn. Et ass d'Tatsaach, dass 81% vun den Zëmmeren als Eebettzëmmer wäerte fonctionnéieren, ëmmer mat „Naasszell“, wéi een dat ausdréckt, ouni dass dës Zëmmeren en Eischtklasstariff berechent kréien.

Dës Approche ass an eisen Aen absolutt begrëssenswäert. Net nëmmen, well eng Zweeklassemedezinn domat verhënnert ka ginn, begrëssenswäert ass et och, dass Eebettzëmmeren d'Intimsphär vum Patient besser schützen an d'Virussetzung schafen, dass seng Erholung sech beschleunegt, während d'Ustiechungsgefor an deenen Zëmmeren massiv reduzéiert gëtt. Positiv ass och donieft, dass d'Auslaaschtung vun de Better duerch Eebettzëmmeren erhéicht ka ginn am Spidol.

E remarkabele Fortschritt gesi mir zweetens awer och um Niveau vun der Prise en charge vun eelere Leit, der Geriatrie, déi duerch déi intelligent Raumopdeelung mat de Servicer vun der Psychiatrie an der Rehabilitatioun vernetzt ka ginn. Dës Approche ass méi wéi sënnavoll, Dir Dammen an Dir Hären, well vill eelere Leit souwuel kierperlech wéi och psychesch an emotional Bedierfnesser hunn, déi net vuneneen ze trenne sinn, och net am Spidol.

Madamm Minister, Dir Dammen an Dir Hären, ee Punkt, deen eis e weineg méi um Härz läit, betrëfft déi zukünfteg Notzung vun den dräi grouse Gebaier, wou et jo schonn eng Rei sënnavoll Piste ginn. Guer net kloer ass eis awer, wat mat deene sechs bis siwe Wunnhaiser geschitt, déi de CHEM zu Esch an engem schéine Quartier opkaaft huet an déi e grouse Patrimoine immobilier duerstellen.

Och wann dës Fro haut net beäntwert ka ginn, esou wëlle mer awer de Message lassginn als Gréng, dass dës Haiser eng gutt Geleeënheet kéinte bidden, fir der Wunnengsnout zu Esch entgéintzesteieren, dës als positiv Randerscheinung vun engem ganz positive Projet.

Ofschléissend wëllt ech och der Madamm Rapportrice Taina Bofferding villmools Merci soe fir hiren ausféierlechen a gudden Rapport. An ech

ginn den Accord vun der grénger Fraktioun natierlech.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. An nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*). - Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, e grouse Merci un d'Madamm Bofferding. Ech mengen, si huet de Projet esou detailléiert virgestallt an déi Detailler sinn nach vun esou ville Leit widerholl ginn, dass ech se net nach eng Kéier wëll widerhuelen, mä vläicht just aus der Perspektiv vun der ADR e puer Punkte maachen (veuillez lire: op e puer Punkten opmierksam maachen).

Natierlech freeë mir eis iwwert dat neit, groust Spidol, wat elo soll zu Esch entsto. Ech mengen, et ass hei in extenso erkläert ginn, wat et alles vu Virdeeler huet, souwuel am medezinnesche Beräich wéi och an anere Beräicher. Mä een Aspekt wëll ech ënnersträichen: Déi Tatsaach, dass mer elo am Süden eng modern Infrastruktur kréien, wou och den Aspekt vun den Urgencë besonnesch betount gëtt, entbënt eis net aus der Verantwortung, fir ze kucken, dass d'Urgencen och an anere Géigende vum Land, och am Osten, och am Norden, méi systematesch, méi grousszügig ugepasst ginn an ausgebaut ginn, wéi dat bis elo de Fall war.

Mir hunn eng gutt Infrastruktur am Zentrum. Elo krée mer eng gutt Infrastruktur am Süden. Mir mussen och kucken, dass op anere Plazen dat weider verbessert gëtt.

En zweete Punkt ass d'Finanzplangung. Mir hunn hei eng Firma vu Wien, déi Problemer hat, déi awer och weider Spidolprojete mécht - och an Däitschland, net nëmmen hei zu Esch -, mä mir mussen vu Ufank un dee Projet finanztechnesch seriö begleeden. Et wär net akzeptabel, dass mer higinn - wou mer wëssen, dass e Problem op enger Plaz war - an dann net alles maachen, fir de Projet vun Ufank un och esou hei am Land ze kontrolléieren, dass derfir gesuergt ass, dass déi effentlech Finanze wuel sënnavoll genotzt ginn, awer net kënnen méssbraucht ginn oder net richtig agesat ginn.

Déi Problematik vun den Eebettzëmmeren, dass ass eigentlech keng Problematik. Mä déi Entwécklung fir Eebettzëmmeren, déi begrësse mer ausdrécklech. Och hei sinn d'Virdeeler genannt ginn, wat dat alles erméiglecht. Wat mer awer net kënnen verstoen, dass ass, dass d'Zuel vun de Better erofgeet. Dass ass eppes, wat der ganzer Logik vun der Entwécklung vun dësem Land komplett entgéintsteet. Mir hunn hei en demografesche Wuesstum. Mir liesen an der Zeitung ëmmer erëm, wéi séier sech dës Land entwéckelt, wéi staark et sech entwéckelt. Mir hunn och eng Populatioun, déi méi al gëtt, déi och net ëmmer gesond bleift, leider. Mir brauche Spidolbetter, mir brauchen Infrastrukturen, déi mat eisem Land wuessen. A mir mussen kucken, dass mer dat och dann an der Plangung scho matdenken.

Hei hu mer eng Reduktioun vun 10% vun de Better. Dass ass net logesch. Da gëtt gesot: „Jo gutt, mir hu Capacitéit, fir dat spéider nozerüsten.“ Mir mussen dass scho vun Ufank u mataplengen! Dass ass hei net geschitt an et freet ee sech, firwat.

Dann hu mer déi Palliativmedezinn, wat e ganz positive Punkt ass. Mir hunn eis gefreet, wéi mer dat gesinn hunn. Et muss een och do vläicht vu Ufank un drun denken, fir, äänlech wéi et am Norden ass zu Ettelbréck, och vläicht do vun Ufank un ze kucken, dass mer Equippen, mobil palliativ Equipe kënnen hunn, fir och de Leit ze erlaben, wa si et wënschen, fir doheem ze bleiwen.

An dann hu mer déi Proximitéit, déi och scho mat beduecht ginn ass bei dësem Spidol, d'Proximitéit vun der Universiteit, wou mer jo och gesinn, dass sech do an der Fakultéit vun der Medezinn, an deem medezinnesche Beräich op der Universiteit ganz vill deet, wou also dës Spidol vun Ufank u ka bei Ausbildung a Fuerschung matabezu ginn. An och déi Proximitéit vun deem neie Prisong, wou jo elo geduecht ass, fir eng Rei vun Hospitalisationsméiglechkeeten an dësem Spidol virzugesinn; dat entsprécht dem geografesche Charakter an deenen Érausforderungen, déi dat Spidol zu Esch eben huet duerch d'Proximitéit vun der Universiteit an och duerch d'Proximitéit vum neie Prisong zu Suessem.

Et muss een allerdéngs soe bei allem, wat ech elo hei betounen, vum Wuesstum an esou weider, wat dat fir eng Verantwortung op de Gesondheitssektor leet. Fir do kënnen matzehale





mam Wuesstum vum Land, musse mer och hei, wéi an allen anere Beräicher, awer mat bedenken, datt dat net onendlech méiglech ass, datt mer eis mussen eise Grenze bewosst ginn an datt mer, och wa mer elo musse matplangen, fir de Wuesstum ze begleeten, eis awer musse grondleeënd Gedanken maachen, wéi laang mer a wéi séier mer dat do iwwerhaupt nach kënnen aushalen.

Et ass fir eis ganz kloer - dat hunn och schonn anerer gesot an do waarde mer vläicht op d'Äntwerte vun der Madamm Minister haut -, datt déi Infrastrukturen, déi et gëtt zu Nidderkuer, zu Diddeleng, zu Esch, datt déi gutt genotzt ginn. Ech mengen, do ass et un der Regierung, fir eis éischt Pisten ze weisen, wéi dat alles soll elo geréiert ginn.

Wichtig fir eis ass et net nëmmen, datt mer eng intelligent Léisung fanne fir déi Gebaier, mä datt mer och séier eng Léisung fannen. Mir kënnen net nokucken, wéi elo Gebaier, déi awer operationell sinn, déi och u sech an der Rei sinn, ufänken ze verfallen, well se net genotzt ginn.

Dat gesot, ass et fir eis op jidde Fall eng Freed, eisen Accord ze ginn zu dësem Projet. Mir hu gesot, ënner wéi enge Ramebedéngunge mir dat gesinn. De Süde brauch e modernt Spidol. E kritt elo eent. Et ass alt beschriwwen ginn, och vun den Architekten, als en „projet novateur“. Dat ass u sech gutt. Mä e soll net esou „novateur“ sinn, datt en eis ausser Kontroll geréit.

Ech soen lech Merci.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*). - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci och. An d'Wuert huet elo dee leschte Riedner, den Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*). - Här President, mir hunn dës Woch hei an der Chamber Investitionsprojete gestëmmt - mat dësem, dee jo d'Unanimitéit, wéi et ausgesäit, schéngt ze kréien -, déi wäit iwwer eng Milliard Euro sinn. An zwee vun deene Projeten, déi mer gestëmmt hunn, stichen, wat d'Zommen ugeet, dobäi eraus. Dat eent, dat ass e Militärfliager, d'Maintenance dovunner fir 420 Milliounen, an dat anert ass e Südspidol fir 433 Milliounen.

De Militärfliager huet eng Liewensdauer vu 35 Joer, d'Südspidol, souvill mengen ech, datt ee soe kann, huet definitiv méi eng héich Liewensdauer wéi 35 Joer.

Et ass komescherweis ronderëm d'Käschte bei engem Südspidol zu bestëmmten Zäitpunkten eng Polemik entstanen. Et ass gefaart ginn, datt deen Architekt, deen och zu Wien fir en Neibau responsabel war, an zu Wien ass et zu enger Käschenexplosioun komm, datt dat och hei zu Esch, also zu Lëtzebuerg, hei am Land kéint geschéien.

An der Santéskommissioun hu mer déi Virwërf seriö geholl. Mir hate Verantwortlecher vum CHEM do, Verantwortlecher vum Ministère, déi eis opgekläert hunn doriwwer, wat déi fundamental Ënnerscheeder sinn tëschent deem Wiener Projet an deem Projet, deen d'Südspidol ugeet, datt notament just en Deel vun där Käschenexplosioun op den Architekt zrëckzeféieren ass, a virun allem, datt mer hei aner Garde-fouen agebaut hunn, déi esou eng Käscheniwwerschreidung onméiglech maachen. An en plus sinn an deem Montant vun deene 433 Milliounen och 10% Reserven dran, déi da wierksam ginn - och just ënner bestëmmte Bedingungen -, wa wierklech onerwaarte Käschten op eis géifen duerkommen.

Eng zweet, net grad Polemik, mä eng zweet Diskussioun ass et an der Vergaangenheet gi ronderëm de Site: éischtens emol, datt et e Choix gëtt, fir e Site unique ze maachen, wou och Analyse gemaach gi sinn. Mä wat ass am sënnavollsten? Mécht et Sënn, déi dräi bestoend Sitten ze renovéieren? Mécht et Sënn, doranner ze investéieren? Oder ass et net méi sënnavoll, net nëmmen aus Käschtengrënn, mä och aus Effizienzgrënn, fir ee Site unique ze maachen?

Mir mengen och, datt dat wierklech e wichtege Choix ass. An dee Site, dee gewielt ginn ass, Esch, mengen ech, mécht Sënn: eleng wann ee sech nëmmen d'Geografie vum Süden ukuckt an och d'Populationsentwicklung, datt Esch effektiv tëschent deenen zwee anere Polen Diddeleng an Déifferdeng läit, eng direkt Ubannung un d'Autobunnnetz huet an datt och an Zukunft den öffentliche Transport op där doter Plaz nach soll weider ausgebaut ginn.

Ech mengen, wat d'Südspidol ugeet a wat et wierklech zu engem innovative Projet mécht, a wou ee seet, datt eist Spidolswiese mam Süd-

spidol definitiv am 21. Jorhonnert ukënnt, dat sinn a mengen Aen dräi Hauptfacturen:

Dat Eent, dat ass och vu Virriedner schonn e puermol ervirgestrach ginn, ass d'Tatsaach, datt 81% vun de Better Eebettzëmmer sinn, a besonnesch, datt 100% vun de Better Eebettzëmmer sinn am Fall vu kuerzen Openthalter, wann ee just e puer Nuechten am Spidol ass, dat ouni datt et doduerch e Surplus gëtt. An dat bedeit eppes, wat, mengen ech, awer ganz wesentlech ass, näamlech, datt doduerjer quasi d'éischt Klass ofgeschaaft gëtt.

Natierlech kann ee Supplemente froen och an Zukunft, näamlech, wann ee gär Pay-TV hätt oder iergendwellech speziell Besoinen huet. Natierlech kann een déi dann nach ëmmer froen, mä dat ass lassgeléist vun der medezinescher Versuergung an d'Eebettzëmmer ass zur Norm ginn. Dat ass eppes, wat mir wierklech absolutt ënnerstëtzen a wat, mengen ech, wegweisend ass och fir d'Entwicklung vun de Spideeler an der Zukunft.

Dat Zweet ass, deen zweete grouse Virdeel ass dee vun der grousser Flexibilitéit, soudatt an Zukunft künfteg Entwécklungen kënnen anticipéiert ginn, datt dat Spidol och moduléierbar ass, bis zu engem gewëssene Grad natierlech, mä awer, datt dat vun Ufank un an d'Planung matagebonnen ass.

Da virun allem och d'Betreiung vun de Patienten: dat heescht, datt et och méiglech ass, datt Familljemembere kënnen - datt dat an der Planung scho matgeduecht ass - bei de Patientengegebenenfalls iwwernuechten.

2023 soll d'Südspidol dann opgoen. Et kann ee just hoffen, datt deen Datum ze halen ass, well mir mengen, datt wierklech dat Spidol eng enorm Valeur fir de ganze Süden huet, fir déi ganz Südregioun a virun allem fir d'medezinesch Versuergung vum Süden an datt dat e Meilesteen ass, wat mer hei hoffentlech unanime wäerte votéieren.

Merci.

► **Plusieurs voix**. - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci. Domat ass déi allgemeng Diskussioun ofgeschloss an d'Wuert huet elo d'Gesondheitsministesch, d'Madamm Lydia Mutsch.

**Prise de position du Gouvernement**

► **Mme Lydia Mutsch**, *Ministre de la Santé*. - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, et ass net all Dag, wou mer en neit Spidol fir eist Land hei an der Chamber stëmmen, an dofir ass dat och, denken ech, e ganz groussen a wichtege Moment. An ech si wierklech frou iwwert déi ganz konstruktiv Beiträg, déi all eenzelne Riedner hei ginn huet. An ech sinn och frou iwwert déi Kontributiounen, déi gemaach gi sinn zum Projet.

D'Zuelen ass dat eent, a wat mer domadder ustriewen, ass dat anert. Zuele sinn awer wichtege. Ech schwätzen hei vun engem Gesetz, wat ëmmerhi 433 Milliounen Invest fir de Stat bedéngt, bei enge Gesamtkäschtepunkt vu 542 Milliounen. An et gëtt elo méi vun deenen dote Sue geschwat, mä et muss een awer och hei soen, dass vusäite vun der CNS e ganz wichtege Beitrag fir dëst Spidol, näamlech 20%, wäert gelescht ginn.

583 Better, dovunner ongeféier 80% Eebettzëmmeren, ënner anerem 16 nei Operationssäll, véier Gebuertssäll, dräi Behandlungsräum, wou ënner anerem wäert eng Maison médicale de garde opgeriicht sinn, wat jo och ganz wichtege am Zesummenhang mat den Urgencé wäert sinn, eng Architektur, déi innovativ ass - jo, dat sinn Zuelen. Ech kéint och elo hei déi Zuelen nennen, déi dës Regierung zënter 2013 an 2015 schonn investéiert huet an eis Spidolinfrastrukturen, an d'Erneuerung an an d'Verbesserung vun eise Spidolinfrastrukturen: iwwer 154 Milliounen.

Mä haut geet et ëm d'Südspidol. An et geet virun allem ëm eng formidabel Zesummenaarbecht vu Gemengen, ëm e Projet, deen ouni déi Zesummenaarbecht vun de Gemengen iwwerhaupt net zustane komm wier.

Fir d'éischt eng erfollegräich Fusiounsgeschicht, duerno sech zesummegeraacht fir d'Decisioun vun engem gemeinsame Site, awer virun allem fir d'Zesummenaarbecht, fir en neit Haus ze plangen, en neit gemeinsamt Haus, wat eng wierklech Lokomotiv fir d'medezinesch Grondversuergung am Süde sollt duerstellen a wou all déi Virstellunge ronderëm innovatiivt Bauen, ronderëm patientenzentriert Medezinn, ronderëm beschtméiglech Aarbechtskonditiounen solle verwierklecht ginn.

An dofir ass dat heiten eng ganz schéi Geschicht vun interkommunaler Zesummenaarbecht an och de Beweis, dass et sech lount, wann d'Gemengen zesummeschaffen an un engem Strang zéien. A wann ee sech op e Site

unique eenegt, da gleeft mer, dann ass dat en Zeeche vun enger ganz gudder Zesummenaarbecht, well dat sinn ëmmer déi ganz kriddeleg Sujete bei gemeinsame Projeten.

Dofir wëll ech dat hei ervirsträichen an eigentlech all deenen, net nëmmen de politesche Responsabelen, mä och deenen, déi ronderëm déi technesch an administrativ Preparatioun, ronderëm de Fusiounsprojet, ronderëm de Projet vum neie Spidolsservice gedréit hunn, meng Unerkennung ausschwätzen. Dat war net näischt!

An Dir kënn mer et gleewen, an de leschte Joren - an dat ass am Fong eng Äntwert op all déi Remarken, déi an deem Zesummenhang gemaach gi sinn - sinn ech heiansdo geckeg gi mat där Detailplanung, déi gemaach ginn ass, mat deene schwéiere Weeër, déi ageschloe gi sinn, fir wierklech all Precautiounen ze huelen, dass aus deem heite Projet net nëmme soll e Succès ginn, e gutt Gebai, mä dass een awer och all Precautiounen géif huelen, fir Suerg ze droen, dass et net zu enger Käschenexplosioun géif kommen oder dozou, dass Imprevuen en cours de route net kéint Rechnung gedroe ginn.

Mä ech denken, et war derwäert, dee schwéiere Wee do ze goen, well domadder féint een dann eng Äntwert op all Froen, déi un ee gericht ginn, an et kritt een och all Garantie fir d'Zukunft.

En neit Spidol, net iergendeen neit Spidol, e wierklech innovatiivt Spidol soll hei gebaut ginn, dat ronderëm d'Patientesécherheet dréit, ronderëm cibléiert Besoinen fir Patienten, Stéchwuert „médecine personnalisée“, dat virun allem och eng Rei vu strategesche Méiglechkeeten zouléisst, déi am Moment an där Form net gi sinn, duerch de Choix vum Site, awer och duerch de Choix vum Innovationsgrad vun deem Projet, sief et, wat energie- an ëmwelttechnesch Consideratiounen ugeet, mä awer och, wat déi medezinnesch Prise en charge ugeet, d'Zesummenaarbecht tëscht den Doktere mam Personal. Dat sinn natierlech Aarbechtsbedingungen, déi hei geschafe ginn, déi net méi ze vergläiche si mat deenen, déi elo do sinn, onofhängeg vun de Schwieregkeeten, déi en „hôpital multisite“ jo och ka mat sech bréngen.

Et ass ee Spracher - ech mengen, et war den Här Halsdorf -, dee vun engem Paradigmewissel geschwat huet, an ech ginn him hei recht. Mir huelen hei wierklech e Paradigmewissel vir. An den Här Baum huet dat och opgegraff am Zesummenhang mat der Thematik vun den Eebettzëmmeren. Mä mir huelen awer och e Paradigmewissel vir, wat déi medezinnesch Méiglechkeeten ugeet, déi dem Patient herno zur Verfügung stinn. An hei bitt jo och eist Spidolsgesetz ideal Prealabelen, fir se ëmzesetzen, sief dat iwwert d'Réseaux de compétence, déi geschafe ginn, oder iwwert déi verstärkt Zesummenaarbecht bei de pluridisziplinären Equippen, wat d'Prise en charge ugeet. An hei kënnen mer wierklech déi Virstellung, déi mer an e Gesetz eraprojeziert hunn, och gelieft kréien um Terrain.

Et ass awer och e Paradigmewissel wat d'Prise en charge ugeet. An do wëll ech eng Klammer opmaachen: Ech hunn hei zur Kenntnis geholl, dass et de Wonsch ass, dass och de Ministère sech soll abréngen, wat déi zukünfteg Notzung vun den aktuelle Sitten ugeet. Dat wëll ech gäre maachen. Mir si jo hei als Stat net Propriétaire vun deene Gebailechkeeten, mä dat wëll ech gäre maachen, wann et drëm geet, sech proaktiv anzubréngen fir d'Zukunft vun deenen Haiser.

An do ass et mir, ganz éierlech gesot, haapt-sächlech dru geleeën, dass do, wou et méiglech ass, och déi medezinnesch Grondversuergung vun der Populatioun soll erhalte bleiwen oder, wann et geet, nach weider ausgebaut ginn. An dat war iwwregens och e Wonsch vun der Chamberskommissioun, wou mer déi Diskussioun gefouert hunn. A wann dat an déi Richtung geet - et si jo aner Projeten och nach um Dësch, zum Beispill d'Pourparlers mat der ALA -, da ka sech de Ministère do gären aklinnen. Ech sinn op alle Fall do, wann ech gebraucht ginn.

Paradigmewissel och, wat d'Urgencen ugeet: Hei hu mer also an Zukunft d'Méiglechkeet, fir déi getrennte Filière vun Ufank un an engem

Neibau mat unzedenken. Dat wat mer elo mat deene 15 Milliounen maachen, déi d'Regierung zur Verfügung stellt, fir déi baulesch Mesuren, déi an den aktuelle Strukture verbessert ginn, dat sinn déi Suen, déi an de Fonds hospitalier ageschriwwen si fir Equipementer un den aktuellen Haiser. Soudass och déi Bedenken aus dem Wee sinn, dass mer nëmmen an d'Zukunft an net an déi aktuell Strukture géifen investéieren. Dat kënnen mer hei schonn direkt undenken a mat integréieren, net nëmmen déi getrennte Filiären, mä och eng integréiert Maison médicale fir déi méi kleng Urgencen a fir domadder och de Waardezäiten entgéintzewierken, mat deene mer ze kämpfen hunn.

Innovativ a strategesch, awer och wat d'Synergien ugeet mat der Universitéit, mat der Recherche, mat der Grande Région - och heirober ass schonn higewise ginn, virun allem vun der Rapportrice, déi all déi Elementer an hirem wierklech exzellente Rapport resuméiert huet an domadder mir meng Interventioun ganz einfach gemaach huet, well si schonn an hirer Presentatioun ganz vill dovunner erausgestrach hat.

Här President, ech wier ganz stolz, wa mer haut d'Unanimitéit fir d'Finanzierungsgesetz vum neie Südspidol kéinte kréien. Ech denken - an ech sinn iwwerzeegt dovunner -, dass mer 2019 wäerten ukomme mam Bau. Ech sinn och ganz optimistes, dass mer den Timing vun 2023 kënnen anhalen. Do wäerten der jo hoffentlech nach eng Rëtsch vun eis dobäi sinn, wa mer d'Inauguratioun kënnen maachen.

Mäi Merci geet elo un all déi, déi un deem heite Projet geschafft hunn, well si hunn e gudden Projet preparéiert a mir sollen en och haut alleguerte guttheeschen.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix**. - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci och. Da si mer prett fir d'Ofstëmmung.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7286 et dispense du second vote constitutionnel**

An d'Ofstëmmung fänkt elo un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

60-mol Jo, Unanimitéit, domat ass de Projet ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Kriepes, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydia Polfer (par M. André Bauler);*

*MM. Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*


An et bleift mer nëmmen nach ze froen, ob mer d'Dispens vum zweete Vott ginn.

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir sinn um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Rendez-vous fir déi nächst öffentlech Sëtzung ass den nächsten Dënschden um hallwer dräi.

**(Fin de la séance publique à 16.12 heures)**



Suivez la Chambre des Députés

sur Facebook, Twitter et

Instagram

